

Dammen an Dir Hären, ech wëll elo emol fir d'éischt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht, an deem iwwregens scho ganz vill Froe beäntwert waren, déi herno hei gestallt gi sinn. Duerfir wëll ech och net méi dorop zrëckkommen.

Ech wëll dräi kuerz Iwwerleeunge maachen. Dat éischt ass de Problem vum Chômage am sougenannten industriellen Zäitalter par rapport zum postindustriellen Zäitalter, dat mer eben zënter op d'mannst 25 Joer kennen. Am industriellen Zäitalter hate mer praktesch nëmme Chômage conjoncturel, da jo och Plein emploi, a kee Chômage structurel. Deen hate mer, well iwwert d'Halschecht vun de Leit iwwerhaapt keng Qualifikatioun gebraucht hunn.

Dat heescht, wat ass da geschitt?

Majo, do konnt eng Verwaltung zwou Saache maachen, nämlech de Chômage verwalten an deem Sënn, dass d'Leit Sue kritt hunn. Dat war nach d'Philosophie vun der Reform vun dem Aarbechtsamt 1976, fir ze soen, mir ginn hinne Suen, an duerno geet et erëm eng Kéier besser, da fanne se vum selwen erëm eng nei Plaz, a mat de Suen ass et iwwerbréckt. Dat huet deemools fonctionnéiert a fonctionnéiert haut net méi.

A wat deemools fonctionnéiert huet, nämlech, dass en Aarbechtsamt zweetens gekuckt huet, wou se Leit géife sichen, wou Plaze sinn, déi geschaf ginn, an déi eng bei déi aner geschéckt huet, dat geet einfach net méi an enger postindustrieller Gesellschaft, well d'Leit haut op allen Aarbechtsplaze Qualifikatioun brauchen, déi ëmmer verschidde sinn, well soss wär et jo duergaangen an där leschter Zäit, dass nei Aarbechtsplaze geschaf goufen. Mir hu méi Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, wéi mer Lëtzebuerger hunn. Dat wär an deem Fall duergaangen, fir dass d'Leit och all eng Schaff hätten. Mir hunn e Chômage structurel.

Elo kréie mer Chômage conjoncturel derbäi. An déi grouss Gefor ass, dass, wa mer net elo oppassen, mer herno no dem Chômage conjoncturel erëm méi Chômage structurel kréien. Dat ass déi grouss Fro.

An duerfir kann och d'Administration de l'Emploi net méi als Verwaltung fonctionnéieren. Si kann net de Chômage verwalten, si kann d'Aarbechtslosegeld verwalten, si kann all déi aner Sue verwalten, mä si muss Kär ginn - an dorobber kommen ech herno zrëck - vun enger aktiver Beschäftigungspolitik.

Dat heescht, d'Administration de l'Emploi kann och net alles maachen, an duerfir bleiwen ech der Meenung, dass ee soll op de Wee vun engem Établissement public goen. Mir maachen dat elo net, well mer elo séier e Projet de loi maachen, duerch dee mer esou vill wéi méiglech Flexibilitéit mat erabrénge, mä ech mengen, dass een duerno muss weiderdenken. Mä elo maache mer dee kleng Projet de loi, mat deem iwwregens och déi Fro vun der Direktioun ugepaakt gëtt. De John Castegnaro huet de Mëtteg op enger anerer Plaz vun der Direction collégiale geschwat, dat ass eng Iddi, wéi ech och selwer gesot hunn, déi eis virschwieft.

Et muss ee just wëssen an deene Leit soen, déi elo verlaangen, dass de Minister géif Leit auswiesselen, dass mer e Statut de la Fonction publique hunn, dass et siwe Joer gedauert huet, bis an dëser Chamber e Gesetz gestëmmt gouf, wat seet fir d'Zukunft, dass ee kann e Verwaltungs-direkter no siwe Joer auswiesselen. Dat zielt eréischt fir d'Zukunft. Och dat wëll ech einfach hei gesot hunn.

Fir de Rescht ass et kloer, dass d'Aarbechtsamt - an ech kommen op seng Roll zrëck - eng Roll ze spillen huet an dass mer natierlech - nieft deem, wat d'Aarbechtsamt elo selwer reforméiert huet - an enger Partie Artikelen d'Flexibilitéit erabrénge an deem neie Projet de loi, dee mer amgaange si mat der Fonction publique fäerdeg ze maachen, fir esou vill wéi méiglech de Fonction-publique-Statut ze respektéieren.

Zweet Iwwerleeung: d'Économie solidaire a Beschäftigungsinitiativen. Do gëtt et dräi Ënnerscheeder. Deen éischten ass deen: Bei der Économie solidaire ass den Träger extrem wichteg. Träger ass zum Beispill, wa

mer vu Société commerciale schwätzen, eng Coopérative oder eng A.s.b.l. oder virun allem de Bénévolat, wat mer iwwregens erëmfannen an de Beschäftigungsinitiativen. Do gëtt et Saachen, déi sech iwwerschneiden.

Zweet Saach ass allerdéngs - an do ass schonn e groussen Ënnerscheed par rapport zu de Beschäftigungsinitiativen: D'Économie solidaire, déi ass tëschent dem private Secteur an dem Statsssecteur, dat heescht d'Économie solidaire dierf och net finanziell just hir Sue vum Stat kréien. An dat ass e grouss Problem. Beschäftigungs-initiative fonctionnéiere ganz staark nëmme mat de Sue vum Stat.

An da kommen ech op den drëtten Punkt, well dat ass d'Ursaach dervun: D'Économie solidaire ass do, fir iwwerhaapt och Déngschtleeeschungen a Produkter unzébidden. Dat ass d'Haaptaufgab vun der Économie solidaire. D'Beschäftigung vu Leit, déi wäit ewech si vum Aarbechtsmaart, ass en Nieweprodukt.

Bei de Beschäftigungsinitiativen ass et ëmgedréint. Do ass d'Beschäftigung vu Leit d'Haaptprodukt, an duerfir kréie se och esou vill Sue vum Stat, an d'Ubiddung vun interessanten, neie sozial an ökologesch interessante Produkter an Déngschtleeeschungen ass d'Nieweprodukt.

Duerfir sinn déi zwee matenee verknäppt, mä et muss ee se auserneenhalen, an dat erkläert dann natierlech och - an do kommen ech op eng drëtt Iwwerleeung hei -, woufir mer hei op de Wee ginn, dass mer net méi wéi virdru soen: „Dir kritt bis zu 75% vun engem Projet.“, mä soen: „Mir bezuele Beschäftigungsinitiativen opgrond vun der Produktivitéit vun deene Leit, déi Dir astellt.“

Selbstverständlech muss mer lech iwwert déi Konventioun dann och en Encadrement bezuelen, fir dass Der lech eben ëm déi Leit bekëmmert. Op déi Konventioun kommen ech nach zrëck wéinst dem Här Jaerling. Déi huet den Här Jaerling net am Text gelies, well soss hätt en déi Fro net gestallt.

Meng drëtt Iwwerleeung ass déi, dass mer mussen kucken, wat fir eng Bevëlkerung mer hunn an der Administration de l'Emploi. D'Chiffere si virdru genannt gi vun deene berühmte Kategorien A, B, C, D an E. Nëmmen an Drëttel vun de Leit, déi beim Aarbechtsamt ageschriwwen sinn, si Leit, déi direkt ze vermëttelen sinn.

Et ass duerfir, dass ech virdru gesot hunn: Et ass net d'Reform vum Aarbechtsamt, déi dat heiten erméiglecht. D'Reform vum Aarbechtsamt ass wichteg, fir dass méi effikass a méi séier geschafft gëtt, mä d'Beschäftigungsinitiative bleiwe bestoen, well et gëtt keng Aarbechtsplazen, déi geschaaft ginn duerch eng Reform vum Aarbechtsamt. D'Aarbechtsamt muss kënnen méi effikass schaffen, mä Aarbechtsplaze mussen mer och nach hunn, a fir eng Kategorie Leit hu mer einfach keng Aarbechtsplazen. Dat ass de grouss Punkt, deen hei spilt.

Mir hu mam 5611 eng éischt Etapp gemaach. Mir hunn eng Etapp gemaach fir déi Leit, déi iwwer eng relativ kuerz Formation kënnen op den éischten Aarbechtsmaart kommen. Dat ass de 5611. Dat huet bei der Jugend zimlech gegräff.

Mä mir hunn awer zwee Drëttel vun de Leit - net grad elo, wann ech déi doten ewechhuelen -, mä mir hunn dann awer nach iwwert d'Halschecht vun de Leit, deene mer net kënnen hëllefen iwwer eng Convention d'activation, deene mer net kënnen hëllefen iwwer CIEen, CAEen.

Mir hunn eleng 15% - elo huele mer emol eng Ziffer - vun de Leit, déi am Aarbechtsamt ageschriwwen sinn, déi portugisesch Matbierger sinn, déi praktesch all nëmmen d'Primärschoul a Portugal gemaach hunn, also héchstens Portugisesch schwätzen an oft emol net richteg schreiwe kënnen, an dovunner ass och nach bal d'Halschecht iwwer 50 Joer al.

An do soen ech, dass all Reform vum Aarbechtsamt deene Leit keng Schaff ka verschafen. Et sinn awer Leit, ëm déi mer eis awer mussen Suerge maachen. An dat sinn der relativ vill, dat doten. Do kann ee soen am Aarbechtsamt - an dat geschitt och schonn um Aarbechtsamt -, dass de Kontrakt iwwersat gëtt op Portugisesch, mä domadder hu mer se nach net op eng Plaz geschéckt, well do mussen se vläicht och aner Sproochen kënnen. Dat kann een, an elo kommen ech op d'Beschäftigungsinitiativen zrëck, net maachen doriwwer, dass een d'Leit placéiert, assignéiert, mä do brauche mer nëmmen d'Beschäftigungsinitiativen. Et sinn och vill sozial Initiativen, mat deene mir och zesummeschaffen, mä do kënnen mer se nëmmen iwwert d'Beschäftigungs-initiative méi laang halen.

De Prinzip soll bleiwen zwee Joer. An zwee Joer kann ee ganz vill mat de Leit schaffen. Déi kommen also no deenen, déi mer kënnen an de CIE, CAE schécken, wat manner wéi ee Joer ass. An déi, déi wierklech no zwee Joer da keng Chance hunn, iergendwou hinzekommen, déi kréien en definitive Kontrakt mat der Beschäftigungsinitiative.

Dat maache mer och haut schonn. D'Beschäftigungsinitiative schécke regelméisseg Dossieren eran, wou hire Service éducatif et social schreift: Majo, mir hunn dat an dat mat deem Mann oder där Fra gemaach a mer fanne keng Plaz fir se; kënnen mer se net méi laang halen, kann de Minister keng Exceptioun maachen? De Minister gëtt dann den Dossier weider un d'Aarbechtsamt a wann d'Aarbechtsamt seet, jo, effektiv, deen ass soss net ze placéieren, da kann deen och elo haut schonn do bleiwen.

Dat geschitt net oft, wëll ech soen, a meeschtens accordéiere mer dat och, esou dass och d'Beschäftigungsinitiativen iwwerhaapt net hei versichen, fir massiv Leit éiweg ze halen. Mä et ass awer wichteg, dass déi Leit eng Perspektiv hunn, fir eng Schaff ze hunn. Dat ass och fir de Stat vill méi bëlle, wéi wann déi Leit entweder am Chômage oder am RMG oder a soss iergendengem soziale Lach géife leien. Hei kréie si eng Pai, si bezuele Cotisations sociales an deelweis, wéi et ass, bezuele se Steieren, well een, och wann ee Jonggesell ass, um Mindestloun Steiere bezilt. Alles dat ass also fir eis méi wichteg.

Elo ass sech d'Fro ze stellen, ob dann elo Ureizer do sinn, fir op den éischten Aarbechtsmaart ze goen. Majo, wann een do méi verdénkt, da geet een op den éischten Aarbechtsmaart. Wësst Der, schwätzt emol mat Leit, déi just de Mindestloun hunn. Duerfir war ech vläicht virdun e bëssen ze vill opgereggt, mä et muss een emol kucken, wat fir eng Spréng ee mam Mindestloun mécht. Dat si 1.640 Euro. Domadder mécht een net vill Spréng. Ech mengen, wann een da wierklech erëm erauskënnt an et kritt een eng besser Plaz, da geet een och dohinner.

An nach eng Kéier: Déi Leit, déi iwwerhaapt an en definitive Kontrakt kommen, si wierklech déi, wou mer näischt aneschtens konnte maachen.

E Wuert zur Konventioun. Egal wat d'Forme juridique ass, müssen déi Leit eng Konventioun mam Aarbechtsminister maachen. Do kommen och erëm Kontrollméiglechkeeten eran. Et ass net esou, dass déi einfach Sue kréien a Leit. Do komme Kontrollméiglechkeeten derbäi.

E lescht Wuert. Den Här Krieps hat gesot, et wär keng Fiche financière do. Déi ass selbstverständlech derbäi - beim ursprüngeleche Projet. Déi Fiche financière ass derbäi an ass ganz detailléiert a seet, dass mer rechnen mat engem Surcoût vu 25 Milliounen Euro, dat heescht 30 Milliounen, mä do sinn esou vill Leit, bei deene mer iwwert den RMG dann emol rembourséiert ginn. Dat heescht, fir de Fonds pour l'emploi eleng wär et e Surcoût vu 25 Milliounen Euro.

Woubäi ech awer nach eng Kéier soen: Och dat ass eng Prévisioun, déi mer dee Moment gemaach hunn.

Wann et elo géif méi schlecht goen a wann de Chômage structurel géif an d'Luucht goen, da sinn natierlech d'Beschäftigungsinitiativen och wichteg. Ech fannen et nämlech definitiv besser, mir bidden de Leit, déi keng Chance hunn eng Schaff ze kréien, d'Méiglechkeet ze schaffen, hir Suen ze verdéngen, owes heemzergoen an an de Spigel ze kucken an ze soen: „Ech hu meng Sue selwer verdéngt.“ Dat ass besser fir d'Leit a besser fir eis Gesellschaft. An duerfir wär ech frou, wann dëse Projet géif eng grouss Majoritéit fannen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Här Minister, de Projet de loi 5144 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmme, bei véier Abstentionen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Laurent Mosar), Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul*

*Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Aly Jaerling.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5973, eng Ofännerung vum Code du Travail. Et sinn ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Castegnaro an d'Madame Loschetter. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Spautz. Här Spautz, Dir sidd gebieden Äre Rapport virzedroen.

### 3. 5973 - Projet de loi

#### 1) portant modification de l'article L.511-12 du Code du Travail

#### 2) dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

» **M. Marc Spautz (CSV), rapporteur.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet, mat deem mer eis elo beschäftegen, ass een, dee ganz kuerzfristeg vun der Regierung agereecht gi war an deen och zimlech séier, wa mer haut hei d'Zoustëmmung kréien, wäert evakuéiert ginn.

Den Ursprung vun der Kuerzaarbecht iwwert d'Gesetzgebung vum Chômage partiel geet zrëck op d'Krisejoren 1974-1979. Konkret gouf de Chômage partiel fir konjunkturell Froen 1975 agefouert, an zwar den 29. Juli 1975 op engem Dënschdeg hei an der Chamber.

Deemools huet de Chômage partiel fir d'Joren 1975-1976, de Chômage conjoncturel, de Fonds pour l'emploi 40 Milliounen Lëtzebuerger Frang kascht.

De strukturelle Chômage partiel ass agefouert ginn den 21. Dezember 1977, wou d'Chamber dozou gréng Luucht ginn huet. Dat war am Kontext vun enger Reform vum Arbeitsamt, dat 1921 geschaaft gi war, a wou 1972 e Projet de loi vun der Regierung komm ass a wou do déi Reform gestëmmt ginn ass.

De Chômage partiel ass e Mëttel, fir Aarbechtsplazen ze erhalen. Awer et dierf een net vergiessen: D'Leit loosse domadder Geld hänken. All Schichtaarbechter an all déi aner, déi verléieren hir Nuetszouschläi, hir Sonndeszouschläi, an et ginn nëmmen 80% bezuelt. Also ass et heiansdo fir déi eng oder déi aner Leit relativ schwéier, obwuel et eng Hëllef ass, fir awer iwwert d'Ronnen ze kommen, well et awer e groussen Akommensverloscht bei deene Leit ausmécht.

Mir ënnerscheede bei der Kuerzaarbecht e puer Aarten: de strukturellen, de konjunkturellen, dee vun der wirtschaftlecher Ofhängegkeet - dat ass zum Beispill, wann et iergendwou gebrannt huet an doduerch anerer net méi kënnen schaffen - oder de Cas de force majeure - dee virun allem gespiilt huet, wéi deemools a Frankräich de Streik war vun den Transporteuren an Zouliwwerer hiert Material net konnte



bréngen. Dat sinn déi véier Aarten, déi mer ënnerscheiden.

An dësem Projet de loi ännere mer awer just de Conjoncturel an de Structurel ëm.

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

Déi meescht Betriber sinn de Moment konjunkturrell beträff. Mir wëssen awer och, datt et Betriber gëtt, déi a strukturelle Problemer stiechen.

Den Aarbechtsminister huet de Projet den 11. Dezember 2008 deponéiert. D'Beruffschamberen hunn de 17. respektiv den 19. Dezember 2008 hir Avisen eragereecht. De 16. Dezember 2008 huet d'Beschäftigungskommissioun vun der Chamber sech déi éischte Kéier mam Projet beschäftegt a mech zum Rapporteur bestëmmt. Den 23. Dezember 2008 huet d'Regierung de Projet amendéiert, an den 13. Januar 2009 huet de Statsrot säin Avis ofginn. De 15. Januar hu mir de Rapport an der Kommissioun ugeholl.

Dës séier Prozedur war noutwendeg, fir dass dat ganz Gesetz kann am ganze Kalennerjoer 2009 Uwendung fannen. Opgrond vun der weltwäiter Wirtschaftskris, déi eist Land am leschten Trimester mat getraff huet, ass dat eng Moossmam, fir Entloossungen aus konjunkturelle Grënn entgéintzewierken. Et ass wichteg ervirzehiewen, dass déi Betriber, déi Kuerzaarbecht aus konjunkturelle Grënn accordéiert kréien, keng Entloossunge virhuelen däerfen.

De Stat iwwerhëlt fir d'Kalennerjoer 2009 déi éischt 16 Stonnen, déi soss vun de Betriber à charge geholl gi sinn, zu 100%. 100% vun deenen 80%, déi d'Leit bezuelt kréien. Ab der 17. Stonn bleift et, wéi et bis elo ass. Ech wëll awer och ënnersträichen, dass et de Sozialpartner fräisteet, iwwert déi 80% eraus ze verhandelen, wat et och a verschiddene Betriber gëtt, wou méi wéi 80% bezuelt gëtt, mä dass nëmmen de Stat fir déi 80% opkënn.

Nieft konjunkturelle Problemer kann ee fir d'Joer 2009 och bei strukturelle Problemer Kuerzaarbecht a 16 Stonne Remboursement beim Aarbechtsminister ufroen, ënnert der Konditioun, dass e Plan de maintien dans l'emploi am betraffene Betrib gemaach gëtt a wann déi magesch Zuel vun de Sixpack-Entloossungen net iwwerschratt gëtt. Des Weidere gëtt d'Referenzperiod fir de Chômage partiel op zwielef Méint, dat heescht d'ganz Joer 2009 festgeluecht, ouni awer dass dat gesamt Urecht op Kuerzaarbecht op d'Gesamtzäit vu sechs Méint oder 26 Woche kann iwwerschratt ginn. Dat heescht, wat se soss a sechs Méint zegutt gehat hätten.

D'Beruffschamberen, wéi gesot, hunn de 17. respektiv den 19. Dezember positiv Avisen ofginn. Et muss een och ervirsträichen, et war déi éischte Kéier, wa meng Recherché gutt waren, zënter 1973, wou déi véier Beruffschamberen - d'Arbeiterkammer, d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers - alle véier soten, et wier e gudder Projet am Kontext vun enger Ofännerung an engem Projet de loi, dee vum Travail virgeluecht ginn ass.

De Statsrot a sengem Avis vum 15. Januar hat e puer prozedural Problemer. De Statsrot huet nach eng Kéier ënnerstrach, wat en och scho beim Code du Travail gesot huet, dass hien dergéint ass, dass mer Gesetzer, déi op der Zäit limitéiert sinn, géifen an de Code du Travail abauen, an hätt dofir gär gehat, dass mer déi Form vun de Moossmam vum 2009 net am Code festhalen. D'Beschäftigungskommissioun huet dës Remarque och ugeholl a mir hu gesot, mir maachen déi Begrenzung da just iwwert de Memorial. De Statsrot huet och kee Problem mat der retroaktiver Aféierung vun dësem Gesetz op den 1. Januar 2009.

Eng Measure, déi awer definitiv an de Code du Travail ageschriwwen gëtt, ass déi fir d'Leit à mi-temps. Fir déi Leit, déi deelzäit beschäftegt sinn, gëllen dann déi éischt aacht Stonnen. Am Verhältnis zu 16 Stonne bei der 40-Stonne-Woch, esou ass et dann aacht Stonne bei der 20-Stonne-Woch, fir kënnen vum Chômage partiel ze profitéieren, an dat ass eng Measure, déi net temporär ass, mä dat ass eng Measure, déi definitiv och an de Code du Travail ageschriwwen gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dës Reform ass ganz séier vonstatte gaangen, dofir e Merci un all déi Leit, déi dozou bäigedroen hunn, vum Personal vum Ministère bis an der Chamber. Dëst ass och d'Erklärung, well ech gesot hunn, wéi wichteg et ass, dass mer dat stëmmen, fir dass et kann op den 1. Januar 2009 retroaktiv a Kraaft trieden. Dat am Interessi vun eise Betriber, awer och am Interessi vun

deene Beschäftegten, fir dass et net zu Entloossungen aus konjunkturelle Grënn hei am Land kënn.

Ech wëll och gläichzäiteg dervu profitéieren, fir am Numm vun der CSV d'Zoustëmmung zu dësem Projet ze ginn an ech soen lech Merci.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur Spautz. Den honorabelen Här Etgen huet d'Wuert.

**Discussion générale**

**» M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Félicitatiounen an en oprichtege Merci un de Rapporteur, den Här Marc Spautz, fir säin exzellente schrëftleche Rapport an och fir säin engagéierte mëndleche Plädoyer. Virewech wëll ech meng Satisfaktioun zum Ausdrock bréngen, datt mer et och zu Lëtzebuerg fäerdeg bréngen, noutwendeg legislativ Upassungen an engem gudden Mount duerch de legislative Prozess lafen ze loossen. Aussergewöhnlech Situatiounen verlaangen aussergewöhnlech Mesuren, déi, wa se den Erwaardungen an den Zilsetzunge solle gerecht ginn, och zum richtige Moment a Kraaft mussen trieden.

Mir sinn, dat léisst sech net méi ewechdiskutéieren, de Moment an enger aussergewöhnlecher Situatioun. Déi global Finanz- a Wirtschaftskris ass um Lëtzeburger Aarbechtsmaart ukomm an am Joer 2009 gëllt et fir all Aarbechtsplaz ze kämpfen. All Moyennë mussen aktivéiert ginn, fir dat Schlëmmst ze verhënneren. Hei ka Lëtzebuerg ënner Bewäis stellen, ob seng Kriseninstrumenter esou Situatiounen gewuess sinn oder awer ob ee se net muss punktuell adaptéieren, esou wéi dat an dësem Fall mam Chômage partiel geschitt.

Wann een d'Leit no hire perséinlechen Erwaardunge fir d'Joer 2009 freet, da kritt ee ganz oft d'Äntwert, datt vill Leit, ganz vill Leit och Suergen ëm hir Aarbechtsplaz maachen. Dës Ängscht sëtzt déif, ganz déif bei ville Familljen. De Chômage, dee bis elo net onbedéngt ee Problem vun der Mëttelschicht war, riskéiert awer elo dës Deeler vun eiser Gesellschaft ze treffen. D'Ängscht virum Ofdrutschen an d'Précaritéit ass reell an eiser Mëttelschicht, an d'Regierung wär méi wéi gutt beroden, dës Suergen an Ängscht eescht ze huelen.

D'Demokratesch Partei seet schonn zënter Méint, datt de Kafkraaftverloscht vun de Mëttelschichten, un deem d'Regierung zu engem groussen Deel schold ass, riskéiert zu engem massive Problem ze ginn.

**(Interruptions)**

D'Regierung, a speziell de Premierminister huet awer ëmmer esou gemaach, wéi wann dëst nëmmen ee Kloe an Jomeren op héijem Niveau wier a mir zu enger renger ech-fixéierter Gesellschaft gi wieren. Elo weist sech, datt eis Warnunge méi wéi zoutreffend waren. Leider méi wéi zoutreffend waren, muss een an dësem Fall scho soen.

Här President, d'Kuerzaarbecht a wéi de System vun der Kuerzaarbecht richtig fonctionnéiert, hate mer scho bal vergiess. An dat, obschonn datt dëst Instrument sech an der Vergaangenheet schonn oft als een effizient Kriseninstrument erweisen huet. Mat de virleienden Upassungen reagéiere mer op eng effikass Aart a Weis op dat, wat am Joer 2009 op eis duer wäert kommen. Wann een de Prognose vu verschiddenen internationalen Organisatiounen därfe gleewen, da mussen mir hei zu Lëtzebuerg mat 16.000 bis 17.000 Chômeuren rechnen. Zuelen, wéi mir se nach ni virdru kann hunn. Pake mer also Holz un, datt et sech bei der Kris ëm eng ganz kuerz Kris handelt, där hir Konsequenze mer séier nees opgefaange kënnen kréien!

Am Fall vun enger relativ kuerzer Kris kënnen mer esou a wichtige Betriber vum Lëtzeburger Wirtschaftsliewe mat Kuerzaarbecht iwwerbrécken. Et ass jiddefalls eng intelligent Approche, fir d'Leit an de Betriber ze loossen. Esou kënnen d'Betriber, wann d'Ekonomie sech erholl huet, direkt nees mat erfuerenem, gutt ausgebildtem a qualifiziertem Personal duerchstarten a méi schnell reagéieren, wéi eng eventuell auslännesch Konkurrenz. Derbäi kënn, datt déi betraffe Leit, och wa se bedéngt duerch d'Kuerzaarbecht temporär 20% manner Lohn kréien, dach awer mëttelfristeg eng Perspektiv hunn, fir hir Aarbecht kënnen ze halen.

De Fait, datt déi vun der Kuerzaarbecht betraffe Leit op 20% vun hirem Lohn mussen verzichten, gëtt awer oft vergiess. Déi Leit a Familljen, déi dovunner beträff sinn, mierken awer ganz schnell, wat dëst bedeit. Mä wat

wären d'Alternativen zur Kuerzaarbecht? D'Leit an de Chômage fale loossen? D'Leit einfach entloossen? Dëst sinn an eisen Aen alles keng Alternativen, au contraire, si géifen d'Perspektive vun de Leit just verschlechteren.

Ouni d'Iwwerhuele vu sämtleche Käschte vum Fonds pour l'emploi am Joer 2009, wär d'Kuerzaarbecht an dëser Zäit fir eis Betriber ze deier a si géifen et net ouni staatllech Hëllef packen. Esou awer, wéi mir et mat deem virleienden Text handhaben, ass d'Mesure vun dem Chômage partiel een exzellente Flexibilitätspuffer, fir konjunkturell Schwankungen auszegläichen an d'Leit op hirer Aarbechtsplaz ze loossen.

Dës zäitlech begrenzte Measure wäert de Fonds pour l'emploi laut dem Aarbechtsminister senger rezenter Ausso mat ronn 36 Milliounen Euro am Joer 2009 belaauchten, also mat ronn dräi Milliounen Euro de Mount. Et gesäit een an deem Kontext, datt déi Remarquen, déi d'DP-Fraktioun am Dezember zum Budget gemaach huet, richtig waren an datt et besser gewiescht wier, wann d'Regierung sech bereet erkläert hätt, am März ee Budget rectificé virzeleeën, anstatt deen initiale Budgetsprojekt ohne Wenn und Aber duerchzebaatschen.

Här President, de Gros vun der Bevëlkerung spiert bis elo nach kaum direkt eppes vun der Kris, an awer hu vill Leit ee ganz ongutt Gefill a si méi vorsiichteg an hiren Dépense ginn. Déi Leit awer, déi zum Beispill op der Goodyear oder bei DuPont schaffen a vun der Kuerzaarbecht direkt beträff sinn, spieren, wat et heescht, datt eis Ekonomie an der Kris ass. Akommesverloschter vu 500 Euro de Mount stécht een net einfach esou ewech. Et deet wéi, wann dës Suen um Enn vum Mount feelen. Dës Leit hunn Ängscht virum d'Précaritéit.

Vill vun deene betraffene Leit sinn de Moment a kenger beneidenswäerter Situatioun. Besonnesch déi, déi eréischt an deene leschte Joren an een Eegenheem investéiert hunn, an dat mat weínege Eegekaptal meeschtens enk gerechent, wat d'Mensualitéiten ubelaangt. Hei kënnen och falend Zënstauxen net an alle Situatiounen zu enger Entlaaschtung féieren.

D'Situatioun op der Goodyear trëfft den Norden a besonnesch den Nordstadraum. D'Goodyear ass hei de gréissten Arbeitgeber, an de Gros vun de Leit, déi an engem Salariatsverhältnis sinn, hunn hir Schaff an dësem Raum op der Goodyear. Alles, wat ech elo iwwert d'Goodyear gesot hunn, trëfft natierlech och op déi méi wéi 50 Betriber mat wäit iwwer 4.000 concernéierten Salariéen zou, déi de Moment ongewollt gezwonge sinn, op d'Instrument vun der Kuerzaarbecht zrëckzegräifen.

Här President, d'Politik, a besonnesch d'Politik zu Lëtzebuerg kann net alles maachen, fir d'Effete vun der weltwäiter Kris ofzefiederden, awer alles, wat d'Politik ka maachen, muss an d'Weeër geleet ginn. Déi proposéiert Mesuren droen den Interesse vun de Salariéen, awer och den Interesse vun de Betriber an dëser schwiereger Zäit Rechnung. Aus deem Grund wëll ech dann och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Text ginn an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**» Plusieurs voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Fir d'LSAP-Fraktioun schwätzt den honorabelen Här Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

**» M. John Castegnaro (LSAP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och ech begrëissen de schrëftlechen an de mëndleche Rapport vum Rapporteur. Hien huet dat Essenziell zu deem, wat mer haut ofstëmmen, gesot. Mä ech wëll méi genee, am Numm och vu menger Partei, d'Rapiditéit begrëissen, mat där d'Regierung hei op Problemer reagéiert, fir brutal Konsequenzen, souwuel fir déi Beschäftegt wéi och fir d'Betriber, op e Minimum ze reduzéieren. Et handelt sech hei ganz kloer ëm Antikrisemoossmam mat der Zilrichtung, d'Beschäftegung ze erhalen an domat och d'Akommes.

Et ass scho gesot ginn, et hënnert keen d'Sozialpartner drun, fir an Accorden op 100% eropzefueren, do wou dat méiglech ass, wat och an der Vergaangenheet a mat Sécherheet och elo wäert geschéien. Déi Antikrisemoossmam do, well et eng ass, limitéiert sech jo och, dem Projet de loi no, op e Joer. Mä et muss ee kucken, wéi dat sech weider entwéckelt. Ech ginn dervun aus, dass och politesch Flexibilitéit do ass, fir et doriwwer eraus wann noutwendeg ze verlängeren.

Et ass awer net nëmmen eng konjunkturbedéngt Moossmam, well jo och am Projet schlussendlech geschwat gëtt vu struk-

turelle Problemer. Do gëtt mat Recht drop higewisen, d'Gewicht drop geluecht, dass statt Sozialpläng an Entloossungen d'Ausarbechtung vun deene sougenannte Plans de maintien dans l'emploi, déi tèschent Sozialpartner an der Regel ausgehandelt ginn a vum Aarbechtsminister mussen homologéiert ginn, dozou féiert, dass déiselwecht Moossmamen, déi beim Konjunkturellen hei ugewannt ginn, och kënnen beim Strukturellen ugewannt ginn.

An ech fannen, dass dat e ganz staarken och politesche Message ass, och fir d'Zukunft, well domat kloergemaach gëtt, dass et eng Alternativ zu Entloossungen a Sozialpläng gëtt, dass et also drëm geet, och an Zukunft Entloossungen ze verhënneren a Beschäftegung ze halen, andeem een eben e Plan de maintien dans l'emploi ausschafft.

Och dat, an dat soll een ënnersträichen, ass eng Fro vu sozialer Responsabilitéit vun de Betriber. Et ass mat Sécherheet och de schwierige Wee, mä et ass e sozial responsabele Wee, dee verbonne gëtt mam Respekt vum Patron a vum Betrib vis-à-vis vu senger Mataarbechter an hire Familljen. An ech géif mer wënschen an hoffen, dass et zur Selbstverständlechkeet gëtt, dass op Entloossunge verzicht gëtt an iwwert de Wee vum Maintien dans l'emploi gefuerr gëtt.

**(M. Laurent Mosar prend la Présidence)**

Ech wëll awer hei och net verheemlechen, dass an de leschten Deeg eng Rei Patronen hiren Onmutt zum Ausdrock bruecht hunn doriwwer, dass d'Sozialbäiträg net mat deenen aacht respektiv 16 Stonnen iwwerholl ginn. Et gëtt der, déi et esou verstanen haten. Ech hu verstanen, dass dat, wat haut virläit, enger Vereinbarung entsprécht, déi d'Ministeren zesumme mat deenen am Moment betraffene Betriber esou ausgehandelt hunn. Mä de Minister kann dozou vläicht e Wuert soen.

Ech wëllt och hei d'Geleeënheet benotzen, fir nach eng Kéier op d'Thema Kris a Konjunkturplang oder -programm hinzeweisen. Lëtzebuerg huet jo bis elo kee regelrechte Konjunkturprogramm entwéckelt, wéi dat a villen aneren europäesche Länner de Fall war, fir eben d'Relance ze ënnerstëtze respektiv fir d'Konsequenze vun där momentaner Wirtschaftskris ofzeschwächen.

Mir hunn awer, an dat soll een ënnersträichen, hei am Land, an dat hu mer jo besonnesch an de Budgetsdebatten héieren, dat hu mer awer och de Mëtteg héieren, dass an der Tripartitesitzung vun haut de Statsminister geschwat huet vun 200 Projeten, déi elo rapid solle virgezou ginn, fir d'Ekonomie a besonnesch d'Handwierk an de Commerce ze ënnerstëtzen. Da gesäit een, dass, niewent deenen Diskussiounen iwwer aner öffentlech Investitiounen mat engem méi breeden Ausmooss, mer zwar bal eppes wéi e Konjunkturprogramm hunn, awer nach ëmmer keen eigentlechen, an et wäert, deemno wéi déi Kris sech an deenen nächste Méint entwéckelt, och noutwendeg ginn, am Kader vum Méiglechen an engem klengen Land déi Diskussioun ze féieren.

Hätte mer dee Konjunkturprogramm, da wier dat hei Gesetz, wat mer haut ofstëmmen, mat Sécherheet e wichtige Bestanddeel vun esou engem Programm. Mä duerfir si mer awer frou, dass et zu deem Gesetz kënn, wat dat soll ofschwächen, wat haut de Mëtteg zu deem Projet de loi hei gesot ginn ass.

An ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer begrëissen, wéi schnell hei reagéiert ginn ass mat enger flexibeler Antikrisemoossmam, an et muss een nach eng Kéier betounen, dass se gutt ass fir déi Beschäftegt, mä och gutt ass fir d'Betriber. Ech sinn do d'accord mat mengem Virriedner, mam Kolleeg Etgen. Ech soen datselwecht: Esou eng Moossmam hëlleft de Betriber, hëlleft de Leit a féiert derzou, dass och héich an aner qualifizéiert Personal an de Betriber bleift, a wann et dann zu enger Relance kënn - wat mer alleguer hoffen, dass et geschwënn de Fall ass -, dass déi Betriber capabel sinn, erëm voll d'Uuerschzestarten an hir normal Vitesse de croisière ze kréien.



An deem Sënn nach eng Kéier begréisste mer dat an d'sozialistesche Partei stëmmt dat Gesetz.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Ech soen dem Här Castegnaro Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).**- Jo, Merci, Här President. Ech denken, allem, wat meng Kolleeg Virriedner gesot hunn, wëlle mer eis uschléissen a mir wëlle virun allem ënnersträichen, datt et hei séier gaangen ass an datt mir och dëst esou wollten hunn. Dofir hu mer eis a kuerzen Ofstänn och a Kommissiounen zesumme fonnt, fir dat hei kënne haut ofzestëmmen.

Déi gréng Fraktioun wäert selbstverständlech dësse Projet de loi och stëmmen, an der Hoffnung, datt mer dësse Projet de loi net laang wäerte brauchen.

Merci.

» **M. le Président.**- Ech soen der Madame Loschetter Merci. Dann hunn ech elo nach als Riedner agedroen den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).**- Merci, Här President. Ech mengen, och meng Sensibilitéit kann nëmmen dësem Projet zoustëmmen. Och wa mer, wéi schonn esou oft wat d'Beschäftigungsmesurë betrëfft, hannert dem Won lafen. Mir hätte laang kënne preventiv wierken, fir esou Problemer virauszegesinn.

Mir kennen d'Konjunktur. D'Konjunktur gëtt eis ëmmer erëm virun Ae gefouert, an duerfir war et elo wichteg, ganz schnell ze handelen, an ech mengen, et war och ganz wichteg, dass d'ganz Kommissioun intensiv sech domat beschäftegt huet an och intensiv hannert deem Projet do steet. Nëmme esou komme mer virun. Et geet fir d'Aarbechtsplazen ze erhalen, dat ass e wichtegen Objektiv. Ech géif mengen, dass mer zum Deel mat dësem Projet kënne derzou bäidroen, dass dat och esou geschitt.

» **M. le Président.**- Ech soen dann och dem Här Jaerling Merci an elo kritt d'Regierung d'Wuert, den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Enn Dezember haten de Wirtschaftsminister an den Aarbechtsminister eng Partie Betriber bei sech sëtzen, virun allem aus der Zouliwwerindustrie vun der Automobilindustrie, déi gesot hunn, dass et 2009 ganz schwiereg géif fir si ginn, well wärscheinlech keng Reprise 2009 ass, an ob mer net kéinte kucken, se méi staark ze ënnerstëtzen, fir dass si och kéinten hiert soziaalt Engagement, keng Leit ze entloossen, wouerhuelen.

Doropshin hu mer ganz séier e Gesetz ausgeschafft, an ech wëll dofir hei d'Geleeënheet benotzen, Ärer Chamber, virun allem Är Kommissioun grad wéi dem Statsrot och Merci ze soen, well Dir hutt alleguer versicht, séier Datumen ze fannen, déi net geplangt waren, fir dat Gesetz ze maachen.

Et ass extrem wichteg, notament fir déi dote Betriber, dass se wëssen, 2009 - an dat Gesetz spillt jo da vum 1. Januar 2009 un - kréie mer Hëllef a mir brauchen net ze entloossen. Well ech hiere jo dann ëmmer, grad wéi Dir och, um Radio: Hiobsbotschaft Kuerzaarbecht! Nun, wann e Betrib mir seet, ech muss Kuerzaarbecht maachen, dat ass keng gutt Noriicht fir den Aarbechtsminister, och keng gutt Noriicht fir d'Leit, déi do schaffen. Et ass allerdéngs keng Hiobsbotschaft.

Hiobsbotschaften huet den Aarbechtsminister awer all Dag. Dat sinn déi Betriber, déi Sozialpläng annonciéieren, an dat sinn déi vill Betriber, déi eenzel Leit entloossen. Hiobsbotschaft ass, wann d'Aarbechtsamt, wéi et dat gëschter nach gemaach huet, mer matdeelt, dass am Mount Dezember 2008 375 Leit méi Chômage kréien. Dat sinn

375 Leit, déi hate virun eng Schaff, déi hu se verluer. Déi sinn net aus puer Betriber komm, duerfir gëtt net vill iwwert déi geschwat. Mä dat sinn der awer 375, dat mécht ganz vill aus.

Dofir ass et esou wichteg, dass mer versichen, de Betriber ze hëllefen, awer och se ze incitéiere fir net Leit ze entloossen. Dat ass virun allem am Industrieberäich extrem wichteg. Well wann eng Industrie bis fort ass, da kënnt se net méi erëm. Dat muss een ëmmer wëssen. Wann hei géif ofgebaut ginn an der Industrie, duerno geet et erëm besser, wann et erëm unzitt, dann ass déi Industrie definitiv fort. Dofir ass et esou wichteg, wa mer och wëllen en industrialiséiert Land bleiwen, dass mer deene Betriber hëllefen.

Ech mengen zum Inhalt huet de Marc Spautz als Rapporteur alles gesot. Ech hunn eng Fro gestallt kritt vum Här John Castegnaro, op déi ech äntwerte wollt. D'Gesetz huet nach ni virgesinn, dass d'Sozialbäiträg géife vum Stat iwwerholl ginn. Mir hate gesot, dass mer dat géife studéieren. De Punkt war, dass mer wollten e Gesetz séier maachen. Mat de Sozialbäiträg gëtt et e Problem, nämlech: Mëttlerweil hu mer den Eenheitsstatut a mëttlerweil hu mer do eng Mutuelle, wou d'Betriber cotiséieren. Dat heescht, elo einfach ze soen, de Stat géif d'Sozialbäiträg iwwerhuelen, dat geet schlecht. Mir sinn amgaang, déi Fro ze studéieren.

Iwwregens ass an der Tripartite déi Fro net opgeworf ginn de Moien, also si se net vu Patronatssait massiv domadder komm. Mir hunn eis awer am Haus zesumme gesat fir ze kucken, wann dat elo an deenen nächsten Tripartiten en Objet wär, dass mer selbstverständlech versichen dat ze maachen. Mä eise Souci war, en onkomplizéiert Gesetz elo séier ze maachen. Ech mengen, mir wäerten nach mat der Regierung mat engem Antikrisepak kommen an do muss ee kucken, wat een dann nach kann hei oder do maachen. Dat ass déi eng Fro.

Déi zweet Fro, déi esou ënnerschwellig war, dat ass mat de Beschäftigungspläng, Plans de maintien dans l'emploi, op Lëtzebuerger Beschäftigungspläng; dat ass natierlech och fir eis elo eng Méiglechkeet, fir déi méi attraktiv ze maachen. Fir ze soen, okay, wann s de muss restrukturéieren, da maach et, mä maach et am Kader vun engem Beschäftigungsplang an net am Kader vun engem Sozialplang. Dofir wollte mer och hei eng Incitatioun setzen, well nach eng Kéier: All Betrib, deen elo géif e Sozialplang maachen - an et sinn der leider e puer, manner wéi am Ausland, mä et sinn der leider e puer -, dat sinn Hiobsbotschaften fir eis all an déi solle mer verënnern. Dofir sinn ech frou, dass dat heite Gesetz esou eng grouss Zoustëmmung fënn.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Ech soen dem Aarbechtsminister François Biltgen Merci a mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5973.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5973 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupter, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helming (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5886 iwwert d'Aféierung vum Congé linguistique. Et si schonn ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Castegnaro, den Här Braz an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Spautz.



**4. 5886 - Projet de loi portant**

**1. introduction d'un congé linguistique**

**2. modification du Code du travail**

**3. modification de la loi du 19 août 2008 relative aux aides à la formation-recherche**

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

» **M. Marc Spautz (CSV), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den elo virleiende Projet de loi iwwert d'Aféierung vun engem Sproochecongé gouf vum Aarbechts- a Beschäftigungsminister den 29. Mee 2008 an der Chamber déposéiert. Ier ech elo méi an den Detail ginn, wëll ech op dëser Plaz all deene Merci soen, déi derzou bäigedroen hunn, dass dësse Projet elo Realitéit ka ginn: de Mataarbechter vum Ministère an der Chamber a virun allem de Kolleeginnen an de Kolleegen an der Kommissioun, déi Hiert dozou bäigedroen hunn, well mer hunn oft laang a kontrovers iwwert de Projet diskutéiert.

Bei der éischter Virstellung vum Gesetzesprojet an der Kommissioun duerch de Minister, den 23. September 2008, gouf ech zum Rapporteur bestëmmt. D'Kommissioun ass insgesamt véiermol zesummekomm an huet och nom éischten Avis vum Statsrot eng Rei vun Amendementer proposéiert. De Rapport, wéi en elo virläit, ass an der Sitzung vum 13. Januar 2009 ugeholl ginn. Nieft den Avisë vum Statsrot huet d'Kommissioun sech awer och mat deene vun de Berufschamberen auserneegesat, an zwar mat zwee vun der Salariatsait, déi jo an Tëschenzäit zu enger Salariatschamber zesumme gewuess sinn, a mat engem vun der Chambre de Commerce.

D'Aféiere vun engem Sproochecongé an eis Lëtzebuerger Aarbechtsgesetzgebung soll et de Salarié an och den Indépendanten erlaben, Lëtzebuerger ze léieren oder ze perfektionéieren. Dëst virun allem an der Optik vun enger besserer Integratioun an der Lëtzebuerger Gesellschaft, an dëst iwwert de Wee vum Aarbechtsmaart. An esou reit sech deen elo virleiende Projet de loi an d'Linn vun der Regierung an, déi engersäits verstärkt Wäert op eng konsequent Offer am Beräich vun der beruflecher Weiterbildung leet a sech anerersäits fir eng gutt verstanen Integratiounspolitik asetzt.

Et ass net ze leegnen, dass eng Integratioun sech och iwwert de sproochleche Wee mécht. A grad d'Léiere vum Lëtzebuerger ass dann och en Haaptsouci vum Gesetzesprojet, deen ech lech hei a sengen Haaptlinnen elo wëll virstellen.

Elo gëtt et allerdéngs Konditiounen, fir och vun dësem Congé kënne ze profitéieren. Fir déi Persoun, déi an engem Betrib ugestallt ass, gëllt et, dass hir Aarbechtsplaz sech am Lëtzebuerger Land befënnt, dass si an hirem Betrib en Aarbechtskontrakt huet an dass se op d'mannst scho sechs Méint an deem Betrib schafft.

Wat elo den Indépendant ugeet, esou muss dësen eng Aktivitéit um Lëtzebuerger Territoire ausüben an dëst och op d'mannst zënter sechs Méint. Fir déi zwee gëllt, dësse Congé gëtt op Demande vum Interesséierte vum Aarbechtsminister accordéiert.

Här President, de Salarié, dee vun dësem Sproochecongé profitéiere wëllt, muss awer wéi scho gesot seng Demande un den Aarbechtsminister riichten, an dës Demande muss vu sengem Patron aviséiert sinn. Dat ass eng Obligatioun a keng Recommendation. Ee Grond, fir dës Congésdemande negativ ze aviséieren, ass dee vun enger interner Organisatioun am

Betrib. An deem Fall gëtt de Congé da reportéiert.

De Sproochecongé gëtt an zwou Tranchë vu minimum 80 a maximum 120 Stonnen gedeelt. E kann op kee Fall méi wéi 200 Stonnen ausmaachen. Eleng eng Formation, déi mat engem Diplom oder engem Certificat sanktionéiert gouf, gëtt Urecht op den zweeten Deel vum Sproochecongé. Fraktionéiere kann een de Congé, wann d'Mindestdauer pro Dag zumindest eng hallef Stonn duerstellt. Och kann de Congé bei deene Leit, déi am Temps partiel schaffen oder Deelzäit-Indépendant sinn, proportional berechent ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eent muss awer kloergestallt ginn. Dës Sproochecongé kann net op den normale Congé ugerechent ginn, mä mir schafe mam Votum vun dësem Projet de loi en neie Congé, deen deenen, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, eng Méiglechkeet gëtt, an hirer Aarbechtszäit eis Sprooch ze léiere respektiv ze verdéiwen. Och fir déi Selbststänneg hu mir eng Méiglechkeet fonnt, fir vun dëser Offer ze profitéieren, ouni dofir mussen op hire gesamte Verdéngscht ze verzichten. Et ass jo dann esou, dass dësse Congé gläichzesetzen ass mat effektiv geschaffter Zäit, mat all deene Rechter, déi dodrun hänken, wat d'Sécurité sociale an d'Aarbechtsrecht ubelaangt.

Et ass awer och esou, dass, wat d'Salären ugeet, dësse Congé vum Montant hier op véiermol de Mindestloun begrenzt ass. De Patron bezilt de Salarié a kritt dee geschëllte Montant vum Stat zrëck, majoréiert mat de Cotisations patronales. Analog zu dësem System fonctionnéiert dann och d'Indemnisiatioun vun den Indépendanten. Hei gëtt de Revenuausfall berechent op deem, wat am leschten Exercice fir d'Pensioun deklaréiert gouf. Och hei spillt d'Uewergrenz vu véiermol de Mindestloun an och hei dréit de Stat de Montant vun der Part patronale vun de Cotisations sociales.

Et bleift nëmmen nach ze soen, dass all Montanten, déi opgrond vu falschen Deklaratiounen ausbezuelt goufen, mussen zrëckbezuelt ginn, selbstverständlech och mat Zënse mam Taux légal vum Dag.

Wat elo d'Sait vum Offreur vun de lëtzebuerger Sproochekursen ugeet, esou sinn dat Institutiounen, déi vum Statut vun enger öffentlecher oder privater Schoul sinn an déi vum Stat unerkannt sinn. Et sinn d'Berufschamberen, d'Gemengen oder och Associatiounen a Privatleit, déi en Agrément vum zoustännegen Ministère kritt hunn. Exklusiv dës Institutiounen oder Leit kënne Diplomer oder Certificaten ausstellen, déi en Urecht op e Sproochecongé ginn.

Här President, ech wëll awer elo nach kuerz op déi eenzel Avisen agoen. Vun deenen deemools nach zwou Salariatschambere gouf begréisst, dass keng Residenzklausel spillt, fir vun dësem Congé ze profitéieren. Kritiséiert gouf awer, dass de Lieu de travail sech zu Lëtzebuerg muss befannen, an et gouf bedauert, dass hei net einfach nëmmen d'Affiliatioun an der Lëtzebuerger Sécurité sociale zrëckbehalen ginn ass.

Den Avis vun der Chambre de Commerce dréckt dann hir Oflehnung zu dësem Projet aus. An hirer Optik geet deen ze wäit. Hir Meinung ass, dass dat iwwert den Accord vun de Sozialpartner, iwwert d>Weiderbildungsgesetz, och am allgemenge Weiterbildungsgesetz hätt kënne geregelt ginn.

Eis gréng Kolleegen hu kritiséiert wat d'Durée vun 200 Stonnen ugeet an haten en Amendement eraginn, fir op 400 Stonnen an d'Luucht ze goen.

De Statsrot gëtt a sengen allgemengen Iwwerleeungen ze bedenken, dass d'Regierung bei dem Ausschaffe vun de Reglementer soll dorop uechten, dass dës Dispositiounen am Aklang sti mat deene vun der Gesetzgebung iwwert d'Integratioun an d'Immigratioun. Des Weidere war et dem Statsrot en Uleies, mat der Aféierung vum Sproochecongé keng Diskriminatioun tëschent de Salarié an den Indépendanten opkommen ze loossen, well am initiale Projet sollte just d'Salarié kënne dervu profitéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem elo virleiende Projet de loi gëtt d'Méiglechkeet geschaf, fir dass, nieft all deenen Efforten, déi mat dem Immigratiouns- an och dem Integratiounsgesetz gemaach ginn, e weidere Bausteen entsteet. Déi meeschte Leit, déi op eise Aarbechtsmaart schaffen, schwätze keen oder nëmme schlecht Lëtzebuergeresch. Mat der Aféierung vum Sproochecongé gi mir hinnen an och deene Selbststännegen d'Méiglechkeet, dat ze änneren. Et ass just ze hoffen, dass déi Offer och genotzt gëtt.